



een och strategesch a vernetzt denken, Léi-sungsvirschléi maachen a probéieren ze antizipéieren.

Mir brauchen eng Aussepolitik, déi der Komplexitéit an dem Tempo vum Wandel an der Welt vun haut Rechnung dréit. Déi de Sécherheetskontext versteet, déi Risiken a Menacen erkennt an hinnen entgéintwierkt, zesumme mat eisen internationale Partner. Duerfir plädéiere mir fir d'Stärke vum internationale Recht, net fir d'Schwächen, a fir d'Normen, déi d'Mënschheet viru sech selwer schützen sollen, a fir d'Stärke vun den Institutionen, déi mir an de leschte Jorzéngte mat vill Méi, mat vill Asaz opgebaut hunn. Duerfir engagéiere mir eis och multilateral op méi laang Siicht mat eiser Kandidatur fir de Weltsécherheetsrot fir d'Joren 2031 an 2032, méi kuerzfristeg mat eiser Kandidatur fir an de Mënscherechtsrot, wou mer scho vill geschafft hunn derfir, an de Joren 2022 bis 2024.

Mir stinn an enger richtungsweisender Zäit och fir Lëtzebuerg, fir Europa, fir d'Welt. Et ass un eis, an dëser net einfacher Konstellatioun déi richteg Decisiounen ze huelen, fir dass déi, déi no eis kommen, e Lëtzebuerg, en Europa an eng Welt hunn, an deene se sech fräi entfale kënnen a Friden an a Sécherheet, a Wuelstand a sozialer Gerechtegkeet, an dat an enger gesonder Émwelt. Fir dat hinzekréien, ass d'Participatioun vun de Bierger essenziell, d'Participatioun bei de Wahlen elo fir d'Europaparlament, an net nëmme bei de Wahlen, mä am Allgemengen.

Ech wëll ofschléissend lech, Dir Dammen an Dir Härén Deputéierten, léif Kolleginnen a Kollegen an och de ville Leit an eiser Gesellschaft Merci soen, déi sech fir d'Interëten an d'Wärter vu Lëtzebuerg a vun Europa all Dag asetzen. Dir wësst: Dëst war wuel ni esou wichteg wéi haut, well ouni Wärter oder mat falsche Wärter gëtt all Demokratie ausgehiecht.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Ausseminister. Muer de Mëtte féiert d'Chamber d'Debatt iwwert d'Europapolitik an iwwert d'Aussepolitik.

3.7355 - Projet de loi portant approbation des amendements à l'article 8 du Statut de Rome de la Cour pénale internationale adoptés le 14 décembre 2017 par l'Assemblée des États Parties du Statut de Rome de la Cour pénale internationale, lors de sa 12^e séance plénière, à New York, et portant modification de l'article 136quater du Code pénal

Eise leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7355, den Amendement vun dem Artikel 8 vum Statut vu Roum vum Internationale Strofgerechtshaff. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Gusty Graas, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härén, de Projet de loi 7355, zu deem ech am Numm vun der aussepolitescher Kommissioun de Rapport därer presentéieren, passt ganz gutt zu där Erklärung, déi eisen Ausseminister elo just iwwert den Zoustand vun der Welt gemaach huet.

Wann näamlech den Internationale Strofgerechtshaff seng Aarbecht optimal an ongehënnert kéint maachen, wa Krichsverbrieche an alle Fäll kéinten zur Rechenschaft gezu ginn, da géif et sécherlech manner mënschlech Drame ginn. Mä dozou kommen ech méi spéit.

De Gesetzesprojet, deen de Statut vu Roum, deen d'Basis fir den Internationale Strofgerechtshaff duerstellt, amendéiert, gouf de 4. September 2018 vum Ausseminister depouéiert. De Statsrot huet den 22. Januar 2019 de Projet positiv aviséiert an eis Kommissioun huet de Rapport unanime ugehooll.

Beim Projet de loi 7355 geet et drëm, fir dräi Amendementen zum Basistraité vum Interna-

tionale Strofgerechtshaff unzehuelen. Iwwert dëse Wee gëtt d'Lëscht vun de Krichsverbrieche, esou wéi se am Statut vu Roum am Artikel 8 steet, komplettéiert mat dräi weidere Krichsverbrieche. An do geet et ënner anerem ëm d'Benotze vu biologesch Waffenen, ëm d'Benotze vu Laserwaffen an am Allgemenge Waffenen, déi wahllos ganz vill Schued uriichten an oft Ziviliste schlëmm verletze respektiv ëmbréngen an déi elo schonn am Droit international duerch international Konventiounen inkriminéiert sinn.

Et handelt sech also vun der Substanz hier net ëm eng Revolutioun beim Statut vu Roum, mä villméi drëm, fir d'Lëscht vun de Krichsverbrieche vum Statut de Rome dem Droit international unzepassen an d'Lëscht vum Artikel 8 ze komplettéieren, en ligne och mat der Traditioun vu Lëtzebuerg op dësem Gebitt.

Mir hunn d'Lëscht vun de Krichsverbrieche, esou wéi se am Statut de Rome steet, an eise Code pénal tel quel iwwerholl. Dofir gesäit dëse Projet och net nëmme een Artikel vir, wou mer d'Amendementen unhuele, mä en zweeten Artikel, wou mer déi Amendementen och direkt an eise Code pénal iwwerhuele.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt also weiderhin d'Entwécklung vum Internationale Strofgerechtshaff voll a ganz.

D'Originne vum Statut de Rome leien iwwer 20 Joer zrëck a ginn op 1998 zrëck. Lëtzebuerg war vun Ufank u bei den Negociatiounen staark implizéiert. Mir waren och mat ee vun deenen Éischten, wéi mer mam Gesetz vum 14. August 2000 de Statut de Rome adoptéiert hunn.

De Verdéngscht vum Statut de Rome an och vum Internationale Strofgerechtshaff ass, dass fir d'Éischte Kéier déi international Communautéit sech bal eens war - well et sinn eng ganz Rei vu Länner, déi op der Touche bliwwen sinn -, dass eng perséinlech Responsabilitéit bei Krichsverbrieche besteet.

Et geet domat an déiselwecht Richtung wéi déi Ad-hoc-Gerichtshaff, déi géint d'Krichsverbrieche am fréiere Jugoslawien an am Ruanda agesat goufen. Wa mer méi wäit zrëckucken, dann treffe mer op déi Nürnberger Prozesser, déi d'Nazikrichsverbrieche be- a geuerteelt hunn.

Am Géigesaz zu dësen zäitweilige Gerichter handelt et sech beim Internationale Strofgerechtshaff zu La Haye ëm eng permanent Struktur, déi kompetent ass fir déi verschidde Criminen, déi am Statut de Rome virgesi sinn.

Den Internationale Strofgerechtshaff, an dee grouss Hoffnungen gesat goufen, ass a bleift eng wichteg international Gerichtsbarkeet, déi zwar vill kritiséiert gouf, mä déi de Meritt huet, ze existéieren. D'Tatsaach, dass d'Groussmächten USA, China, Russland net matschaffen, ze vill Länner sech him duerch Netmemberschaft entzieen an ze oft geopolitisch Interesse viru Gerechtegkeet gestallt ginn, maachen dem Gerichtshaff d'Aarbecht extrem schwéier. Sou koun et zum Éischte Scholdsprouch no zéng Joer an iwwerhaapt koun et bis elo an deenen iwwer 15 Joer, wou den Internationale Strofgerechtshaff besteet, nëmme zu enger Handvoll Uerteeler.

Gëschter si mer jo gewuer ginn, dass no engem vun deenen Uerteeler elo de Jean-Pierre Bemba, dee Vizepresident am Kongo war an deem säin Uerteel weinst Formfeeler klasséiert ginn ass, elo iwwer 50 Milliounen Euro Entschiedegung freet fir seng Inhaftéierung. Saache gëtt et, déi gëtt et guer net!

D'Cour kann nëmme a Länner aktiv ginn, déi dem Basistraité bäigetruede sinn, respektiv a vis-à-vis vu Krichsverbrieche, déi an deene Länner hir Criminen gemaach hunn, déi dem Statut de Rome adhérieren. Och muss den UNO-Sécherheetsrot den Internationale Strofgerechtshaff befaassen. Et ass och esou, dass d'Cour nëmme dann aktiv gëtt, wann déi be- traffe Länner net selwer aktiv ginn oder aktiv kënnen ginn.

All déi Karenzen, all déi Steng, déi den Internationale Strofgerechtshaff an de Wee geluecht kritt, änneren näischt drun, dass et eng wichteg Institutioun bleift, déi vun alle Länner a ganz besonnesch vun deenen, déi sech ganz grouss fillen, ënnerstëtzt misst ginn, dat am Sënn vum Multilateralismus an dem Respekt vun de Mënscherechter.

Keen normale Mënsch versteet näamlech, dass een, deen e Vëlo klaut, seng Strof kritt, an deen, dee mat Streebommen, Gëftgas, Folter an Terror Honnerttausende vu Mënschen um Gewëssen huet, un der Spëtzt vun engem Land därer bliwwen a weiderhi vun de Grande vun dëser Welt hoféiert gëtt.

Och wann et e ganz beschwéierleche Wee bleift, deen den Internationale Strofgerechtshaff ze goen huet, ass dëse Projet e Schrëtt an déi richteg Richtung. An am Numm vun der aussepolitescher Kommissioun bieden

Le saviez-VOUS ?

MOTION

La motion est un texte, adopté par la Chambre des Députés, invitant le Gouvernement à prendre une certaine initiative ou à adopter une certaine position.

ech d'Chamber, dësem Projet Vertrauen ze schenken an de Projet de loi ze stëmmen.

An ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Di Bartolomeo.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt e ganz grouse Merci fir de Rapporteur. Et war e Retour aux sources, an ech weess selwer, dass dat net ëmmer esou einfach ass, e Retour aux sources. Ech wëll awer dem Rapporteur soen, dass de Retour voll gelongen ass.

(Interruption)

Zum Projet de loi, vu dass mer dat am Detail alles exposéiert kritt hunn, brauch ech do näischt méi bäizefügen.

Ech géif awer nach eng Kéier hei wëllen eng Suerg artikuléieren, déi och schonn e bësselchen de Rapporteur artikuléiert huet. Dat ass déi, dass ëmmer méi Länner versichen, besonnesch um afrikanesche Kontinent, d'Kompetenz vum Tribunal pénal international ze kontestéieren, notamment Südafrika, wat ëmmer erëm domadder ufänkt. Bon, deen neie President schéngt elo do e bësselche méi eng nuancéiert Positioun ageholl ze hunn. Et bleift awer e Fait, dass et do gewëssen Tendenze gëtt. An ech mengen, d'Lëtzebuergesch Regierung, de lëtzebuergesch Ausseminister muss do ëmmer eng ganz kloer Positioun bezéien. Et kann net sinn, dass vun iergendwéi engem Land déi Kompetenz do a Fro gestallt gëtt.

Dat gesot, wäerte mir natierlech den Accord zu dësem Projet ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härén, effektiv ass dat heiten awer eng ganz wichteg Struktur fir déi international Gemeinschaft. Wa mer se net hätten, da géif et mat Sécherheet nach vill méi Problemer ginn. Et ass schonn hei duerchgeklungen: Den Internationale Strofgerechtshaff besteet elo 20 Joer. Et kann een en éischte Bilan maachen. Dee Bilan ass mitigéiert.

Wat engem besonnesch Angscht mécht, dat ass eben, dass eng Rei vu Länner, déi bis elo Member waren, versichen auszutrieden aus där Cour. Ech mengen, dee Leschten, deen elo wëlles huet auszutrieden, dat sinn d'Philippinen. Dat sinn natierlech keng gutt Nouvelen. Dat wëllt awer net heeschen, dass mer eis net weiderhi solle fir déi Institutioun do asetzen, déi eng ganz grouss Bedeitung huet, fir virun allem ganz schlëmm Criminen géint d'Mënschheet kënnen awer ze veruerteelen.

Et ass evident, dass mir dee Projet hei matdroen. Ech wëll awer och dem Rapporteur, dem Mars Di Bartolomeo, wou ech emol frou war, en och erëm an där doter Qualitéit hei ze héieren, Merci soen, souwuel fir säi schréffleche wéi och fir säi mëndleche Rapport.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Graas. D'Wuert kritt elo déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - Merci, Här President. Natierlech och vun eis e grouse Merci fir dëse Rapport, dee ganz ëmfaassend ass oder war. Ech mengen, ech hale mech elo relativ kuerz. Ech ka mech hei just wierklech meng Virriedner uschlëssen. Et ass en Dossier, deen zwar ganz wichteg ass, mä mir sinn eis alleguerten eens, dass et wichteg wier, dass den Internationale Gerichthaff nach besser schaffe kéint a manner Steng géif an de Wee geluecht kréien. Ech op alle Fall si frou, an ech mengen, dass passt dann och ganz gutt an

de Kader vun dësem Dag, dass mir hei an engem Kader schaffen oder liewen, wou et einfach selbstverständlech ass, dass déi Dispositiounen an eis national Gesetzgebung inkorporéiert ginn an dass do keng grouss Debatten driwwer ze féieren sinn.

An domadder géif ech natierlech dann och eisen Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. Dann ass et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. An ech fänken och u mat engem ganz grouse Merci un den Här Di Bartolomeo, deen esou iwwerzeegend war, dass d'ADR sech och gär dësem Konsensus uschlësst.

Fläicht e puer Bemierkungen. 123 Staten, dat ass natierlech e ganz mëttelméisegen Erfolleg. Mä et muss een och bedenken, dass et aner Weeër gëtt. Wann deen heite Wee net vun der ganzer Stategemeinschaft befollegt gëtt, gëtt et och aner Weeër, wéi mer kënnen erreechen, dass de Schutz vun de Mënscherechter an humanitär Konditiounen a Krichssituatiounen besser respektéiert ginn. A wann ee Wee net virugeet, da musse mer aner Weeër opmaachen.

Dat kann natierlech d'Verstärkung vun anere Regimier sinn, wéi zum Beispill vun der Chemiewaffekontentioun, vun der Netproliferatioun, mä och d'Verstärkung vum Krichsrecht selwer, vun ius in bello.

Mir mussen eis do zwou Saache froen, wat Lëtzebuerg ugeet. Dat Éischt ass, kënnen mer net als Lëtzebuerg och higoen an eis drun erënnere, dass mer eng Obligatioun ënnert dësem Statut hunn, fir déi Lëtzeburger Militärjustiz esocht ze huelen?

Well déi éischt Verantwortung fir d'Verfolgung vun eventuelle Strofdothe läit net bei der Cour pénale, mä bei de jeeweilege Staten. A mir wësse jo, dass den Här Bausch zum Beispill e Projet de loi proposéiert, wou d'Engagement viru Lëtzebuerg am Ausland solle verstärkt ginn iwwer Peace Enforcement an aner Saachen, wat en eis proposéiert huet. Dat heescht, dass mer och müssen de Prinzip kënnen anhalen: « La loi suit le militaire à l'étranger. » Dat heescht, dass mer eng kredibel Militärjustiz an eng Militäripolizei müssen hunn an deem Fall, wou eppes géif geschéien, dass mer kënnen intervenéieren, soss gi mer och eisen Obligatiounen net gerecht.

Dat Zweet ass, dass, wa mer elo sichen an iwwerleeën, wéi eng Missiounen d'Lëtzeburger Arméi hei kann erfëllen, an dat ass jo och eng Reflexioun, déi dës Regierung wéi och déi Regierung virdru mécht, da sollt een och drun denken, fir eventuell méi Juristen an d'Arméi ze huelen. An d'Lëtzeburger Arméi kéint och e Bättrig leeschten doduerch, dass se eng Formatioun fir Offizéier am Krichsrecht, am humanitäre Recht kéint organiséieren, do, wou et nach Lacunne gëtt.

Ech mengen, dat wier och eng nei Missioun fir d'Arméi, wou se am Geescht vun dëser Konventioun a vum Schutz vun de Mënscherechter nei Felder kéint opmaachen, nei Missiounen fir sech erfëllen an domadder e konstruktiven a kredibele Bättrig zum Schutz vun den Zivilpersounen a Krichssituatiounen wéi och vun de Kombattanten, do, wou et néideg ass, kéint leeschten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech dee Projet och ënnerstëtzen. Mä ech wollt awer nach zwee, dräi Wierder soen trotzdem zur Cour pénale internationale, well et ass jo och schonn e puermol gesot ginn, och am exzellente Rapport vum Här Di Bartolomeo, dass et heiansdo Schwierigkeete gëtt, wat d'Kredibilitéit ugeet vun der CPI.

Ech mengen, et dierf een awer och net vergiesse, well wann een e bësse kuckt, ech huelen elo déi verschidde Spezialgerichter vum Ruanda oder vu Jugoslawien op d'Säit, mä wann een och elo e bësse kuckt, huet een awer trotzdem den Androck, dass déi Haaptbeschëllegt, zu Recht, ganz oft zu Recht, och Leit sinn, déi meeschtens aus Géigende kommen, déi net, fir dat esou ze soen, déi net déi rächsten op dëser Welt sinn. An et gesäit ee rarement Leit oder Leaderen aus der industrialiséierter Welt viru Gericht, obwuel se en toute légitimité och vu Crimes de guerre zum Beispill beschëllegt kéinte ginn. An ech mengen, dass ee kéint d'USA huelen, déi et jo ni ratifizéiert



hunn. Ech brauch nëmmen un de Krich 2003 géint den Irak ze erënneren, a wahrscheinlech nach aner Aktiounen kéinten esou traitéiert ginn. D'USA hunn et jo ni ratifizéiert, Russland och net, d'ailleurs, « et pour cause », an Israel natierlech och net, « et pour cause ».

Ech mengen, et dierf een ni vergiessen, et huet een ëmmer den Androck, datt een « deux poids deux mesures » huet, och an dëser internationaler Juridictioun, déi wichteg ass an déi misst applizéiert ginn. Mä fir kredibel ze sinn, däerf se keen « deux poids deux mesures » maachen. An dat ass zurzäit leider nach de Fall.

Trotzdeem wäerte mer deen heite Projet de loi ënnerstëtzen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, Merci, Här President. Och am Numm vun de Piraten begrëssen ech, datt hei de CPI e weideren Outil kritt, fir ebe Krichsverbrieche ze bekämpfen an och ze bestrofen. Mir sollten eis bewosst sinn, datt et hei net ëm kleng Crimmes geet. Et ass also keng Klengkriminalitéit, mä Krichsverbrieche sinn eppes, wat virun uerdentlech Gerichter gehéiert a bestrooft gehéiert. Dofir hu mer international eis deen Outil vum CPI ginn an dofir sollte mer deen och ëmmer erëm esou stäerken, fir déi néideg Moyenen ze hunn, fir all Form, déi haut scho geschitt ass, mä déi och an Zukunft kéint geschéien, ze bestrofen.

Mir hoffen, datt deen Outil net gebraucht gëtt an nächster Zäit. Mä et ass awer net onnëtz, en ze hunn. Dofir wäerten d'Piraten dëse Projet matdroen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Also, ech wollt just véier Saache soen. Dat Eischt: Merci dem Här Di Bartolomeo fir seng gutt Aarbecht, an och der Kommissioun.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass: Wa meng Informatiounen richteg sinn, da si mir dat eischt Land, dat déi Amendementer hei ratifizéiert huet, dat alleréischts op der Welt.

Dat Drëtt, wat ech wollt soen, ass: Wa meng Informatiounen richteg sinn, nodeem Malaysia bäigetrueden ass, sinn et elo 124 Memberlänner, déi de Statut de Rome matdroen.

An dat Lescht, wat ech wollt soen, dat ass, dass e klengt Land, eent vun de klengste vun der Welt, sech immens asetzt fir d'Verteidigung vun der CPI. Dat ass Liechtenstein, déi vill Initiativen huele bei der UNO, bei wierklech, jo, all deem, wat jo hei ugeschnidde ginn ass, dat Negativt, wat ugeholl gëtt vun der Cour pénale internationale, mä et ass Liechtenstein, wat immens Efforte mécht. An ech mengen, ech wëll hei op dëser Plaz deenen e grouse Merci soen,

well heiansdo, wann een an d'UNO kënnt, vergëtt een Joer, dass se net eng Initiativ huelen, erëm d'Leit zesummeruffen, fir eben d'Wichtigkeet vun der Cour pénale internationale ze stäerken.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Ausseminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7355 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7355. Den Text steet am Document parlementaire 7355². D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno d'Votes par procuration.

De Projet 7355 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7355 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Martine Hansen), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 16.04 heures.)

Sommaire des séances publiques nos 11 et 12

11^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 119
Hommage à la mémoire de M. Bernard Berg, Député honoraire	p. 119
Octroi de titres honorifiques	p. 119
Communications	p. 119-120

7407 - Proposition de loi modifiant la loi du 11 août 1982 concernant la protection de la vie privée,

7410 - Proposition de loi portant modification de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues modifiée par la loi du 23 septembre 2018

et

7414 - Proposition de révision de l'article 95ter de la Constitution	p. 120
Ordre du jour	p. 120

Heure de questions au Gouvernement

- Question n° 25 du 12 mars 2019 de M. Laurent Mosar relative au registre des bénéficiaires effectifs, adressée à M. le Ministre de la Justice	p. 120-121
--	------------

- Question n° 26 du 11 mars 2019 de M. André Bauler relative au concept de la nouvelle galerie nationale d'art luxembourgeois, adressée à Mme la Ministre de la Culture	p. 121
---	--------

- Question n° 27 du 12 mars 2019 de M. Sven Clement relative aux prix des maisons de retraite, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration	p. 121
---	--------

- Question n° 28 du 11 mars 2019 de M. Marc Angel relative à la Coopération structurée permanente (CSP/PESCO), adressée à M. le Ministre de la Défense	p. 121-122
--	------------

- Question n° 29 du 12 mars 2019 de M. Marc Baum relative à la capitale culturelle Esch22, adressée à Mme la Ministre de la Culture	p. 122
---	--------

- Question n° 30 du 12 mars 2019 de M. Charles Margue relative au congé pour raisons familiales, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire	p. 122
--	--------

- Question n° 31 du 12 mars 2019 de Mme Carole Hartmann relative aux enjeux du Brexit pour les avocats britanniques exerçant sous leur titre d'origine, adressée à M. le Ministre de la Justice	p. 122-123
---	------------

- Question n° 32 du 12 mars 2019 de M. Eugène Berger relative à l'extension de l'autoroute A31, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics	p. 123
---	--------

- Question n° 33 du 12 mars 2019 de M. Gusty Graas relative aux violences lors des événements sportifs, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure	p. 123
---	--------

- Question n° 34 du 12 mars 2019 de Mme Carole Hartmann relative à la mention du sexe et du ou des prénoms à l'état civil, adressée à M. le Ministre de la Justice	p. 123-124
--	------------

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la production de logements par le Fonds du logement depuis la réforme de l'établissement public	p. 124-128
---	------------

7324 - Projet de loi portant introduction d'un compte épargne-temps et modifiant :

1° le Code du travail ;

2° le Code civil ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu	p. 128-131
--	------------

12^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 132
---------------------------------	--------

Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère	p. 132-138
---	------------

7355 - Projet de loi portant approbation des amendements à l'article 8 du Statut de Rome de la Cour pénale internationale adoptés le 14 décembre 2017 par l'Assemblée des États Parties du Statut de Rome de la Cour pénale internationale, lors de sa 12 ^e séance plénière, à New York, et portant modification de l'article 136quater du Code pénal	p. 138-139
--	------------

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

